

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Also zu där éischter Fro: Et si fir de Moment nach 170 Leit, déi zu Diddeleng schaffen. An zu där zweeter, do ass et esou, dass ech Iech dat net ka soen. Dat hänkt effektiv net vun eis of, dat Heft hu mir net an der Hand. Dat hänkt dervunner of, ob den Aktionär weiderhin nach kann déi Entreprise ënner artificieeller Respiration halen. Dat wäert esou laang de Fall sinn, wéi all Mount d'Paie bezuelt ginn, wéi all Mount d'Frais-courantë weiderhin och bezuelt ginn.

An dann hutt Dir zu Lëtzebuerg fir de Moment abso-lutt kee Moya, fir do anzegräifen an engem Proprietär, deen, mengen ech, hei wierklech eppes mécht, wou een awer relativ no um Abus de propriété ass, fir deem dat u sech ze ënnersoen an ze kucken, dass dat hei anescht geléist gëtt. Well dat kënnt Der net maachen an dofir kann ech Iech och hei keng Zäitschinn ginn.

Ech kann Iech just soen, dass mer alles drusetzen, fir hei eng Léisung ze facilitéieren. Mir sinn och am Gespräch mam Aktionär. Do bestinn Diskussiounen a mir probéieren do, eng Entremise ze maachen, fir déi doten Transaktioun méiglech ze maachen. Mee wéini dat geschitt, dat kann ech Iech beim beschte Wëllen zu dësem Zäitpunkt net soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister. Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 7.7767 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures ;**

**3<sup>o</sup> de la loi du 26 janvier 1922 portant certaines modifications au service de la vérification des poids et mesures**

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7767 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Guy Arendt, d'Madamm Semiray Ahmedova, den Här Roy Reding, den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Francine Closener.

### **Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace**

**Mme Francine Closener** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, an dësem Projet de loi, deen den 12. Februar 2021 deposéiert ginn ass, geet et ëm d'Reorganisatioun vum ILNAS, dem Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services.

All Mënsch zu Lëtzebuerg huet mam ILNAS ze dinn, meeschtens ouni et eigentlech ze wëssen. Wann een e Produit benotzt, mécht ee sech an der Reegel wéineg Gedanken ëm seng Sécherheet. Et geet een einfach dervun aus, dass d'Spillsaach net géfteg ass, dass d'Luucht net op eemol ufänkt mat brennen an esou weider. D'Leit vertrauen drop, dass dat, wat se kafen, och sécher ass.

An d'Produite sinn an der Reegel och sécher, well se norméiert sinn. Dat heescht, et goufe Mindeststandarde festgeluecht, déi de Produit erfëlle muss. An eng vum ILNAS senger Missiounen ass et, d'Produiten ëmmer nees ze kontrolléieren fir ze garantéieren, dass sech un déi Norme gehale gëtt.

An Zäiten, wou den Onlinehandel boomt, ass d'Iwwerwaachung vun dëse Produite méi schwéier. Ëmmer nees kënnt et vir, dass Produkter, déi online kaaft ginn, net sécher respektiv geféierlech sinn. Duerfir ass et och eminent wichtig, dass den ILNAS mat sengen europäeschen Homologen zesummeschafft, fir dass déi Produiten esou séier wéi méiglech vum Maart geholl ginn.

Elo zum Projet de loi: Et geet an enger éischter Linn drëm, den ILNAS ze reorganiséieren. Engersäits soll den ILNAS senger Missiounen besser kënne nogoen, anerersäits ginn heimadder an engems dräi EU-Reglementer ëmgesat.

Ganz vereinfacht gesot, gëtt et bei dësem Projet de loi zwee Ziler: Éischstens sollen d'Aufgaben an d'Missiounen méi prezisiéiert a formaliséiert ginn, déi den ILNAS schon am Alldag ausübt. Zweetens soll den ILNAS méi Kompetenze kréien, fir dass den Institut och mat der europäescher Gesetzgebung reegelenkonform ass.

Konkreet heescht dat, dass den ILNAS d'Méiglechkeet kritt, Sanktiounen géint Wirtschaftsacteuren auszeschwätzen, déi net reegelenkonform Produiten erausbréngen. Fir dass de Prinzip vum „non bis in idem“ kann agehale ginn, de Prinzip also, dass et net zu enger duebeler Bestrafung ka kommen, gi mat dësem Projet de loi och déi entsprechend Gesetzer vun 1882 an 1922 geännert.

Zu deenen dräi EU-Reglementatiounen, déi mat dësem Projet ëmgesat ginn: D'EU-Reglement 910/2014 betrëfft virun allem d'Confiance numérique an de Contrôle vun de Prestataires de services. Mat der Ëmsetzung vum EU-Reglement 2019/1020 sollen d'Iwwerwaachung, de Gesondheetsschutz an d'Produktsécherheet gestärkt ginn. An d'Ëmsetzung vum Reglement 2019/515 soll schlussendlech fir eng besser géigesäiteg Unerkennung vu Wueren am EU-Raum suergen.

Mat dësem Projet de loi kommen dann nach eng Rei Verbesserungen a puncto Lieserlechkeet, Verständnis a Verbesserung vun Erreurs matériels am aktuelle Gesetz. Esou ginn zum Beispill Definitiounen readaptéiert. Fir dass den ILNAS senger Missiounen kann nogoen, ginn och d'Fonctionne vum den ënnerschiddlechen Agente prezisiéiert.

Zu den Avisen dann: D'Chambre des Métiers begréisst dëse Projet de loi, well d'Missioun vum ILNAS eebe formaliséiert a prezisiéiert ginn a well heimadder och der europäescher Gesetzgebung Rechnung gedroe gëtt an d'Feeler am aktuellen ILNAS-Gesetz verbessert ginn. Och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weist sech an hirem Avis mam Projet de loi averstanen.

D'Chambre de Commerce begréisst de Projet de loi och mat der Begrënnung, dass den ILNAS seng Missiounen méi effikass erfëlle kann. Et gëtt awer drop higewisen, dass de Barème vun den administrative Strofen ze onprezis wier. An hirem Avis complémentaire begréisst d'Chambre de Commerce d'Amendementen vun der Kommissioun, weist awer nach ëmmer op déi grouss Forschett bei der Héicht vun de Sanktiounen hin.

De Staatsrot stellt a sengem Avis vum 16. November 2021 grouss Differenzen tëscht dem Commentaire des articles an dem proposéierten Text fest. E weist sech och kritesch zur Approche, dass déi nei Kompetenzen net un den ILNAS selwer géife goen, mee un déi verschidden Departementer. E mécht eelef Oppositionen formelles. Esou hätten e puer Artikelen zu enger Inkohärenz am Text an domadder zu enger Insécurité juridique gefouert. Eng weider Opposition formelle huet déi ënnerschiddlech Handhabung an

domat Diskriminéierung vun den ënnerschiddleche Prestataires de services betrafft.

Beim Paragraf 2ter vum Artikel 6 Punkt 6 huet de Conseil d'État e Problem gesinn, fir d'EU-Reglement direkt ze applizéieren, an huet dowéinst gefrot, de Paragraf ewechzeloossen. De Conseil d'État huet derneft drun erënnert, dass et am Beräich vun de Sanktiounen schon eng Base légale aus dem Joer 1882 gëtt. An deem Kontext goufen et Oppositionen formelles, well de Prinzip vum „non bis in idem“ net kéint garantéiert ginn.

D'Wirtschaftskommissioun huet all dëse Bedenken an hiren Amendementen vum 13. Oktober 2022 Rechnung gedroen. De Staatsrot begréisst dës Kloststellungen a sengem Avis complémentaire, weist awer, wat d'Sanktiounen ugeet, op en Dispositif vun engem weidere Gesetz aus dem Joer 1922 hin, deen een och am Kontext vum „non bis in idem“ ofschafe misst. Och deem kënnt d'Kommissioun no.

An a sengem zweeten Avis complémentaire weist de Staatsrot nëmmen nach drop hin, dass den Titel vum Projet de loi misst ugepasst ginn. Dat huet d'Kommissioun dunn och gemaach.

Voilà. Fir méi Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn heimadder natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Francine Closener.

An d'Wuert geet un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

### **Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, ech wëll och ufänke mat engem ganz grouse Merci un eis Présidente-rapportrice, déi eis op eng ganz kloer a konzis Aart a Weis d'Wichtigkeet vun dësem Projet nach eng Kéier ënnerstrach huet, déi eis och eigentlech erkläert huet, wéi wichtig déi technesch Norme sinn, u sech an der Majoritéit vu Produiten a Services, déi mer all Dag benotzen, wou et ëmmer méi där technescher Norme gëtt a wou et och wichtig ass, dass et awer Institutiounen gëtt, déi justement déi technesch Normen do och kontrolléieren.

Ech wäert duerfir och hei kënne den Accord vu menger Fraktioun dozou bréngen, wollt awer eppes ervirsträchen, wat mer extrêmement gutt gefält am Kontext vun dësem Projet. Et huet direkt elo näischt mam Projet ze dinn, mee et ass awer och eng Konsequenz vum Projet: Dat ass deen Accord, deen do geholl ginn ass zwëschent dem ILNAS an der Uni Lëtzebuerg. A wat mer do besonnesch gutt gefält – an dat wollt ech awer och emol eng Kéier ervirsträchen –, dat ass, dass et elo säit 2021 e Master gëtt fir déi dote Spezialisatioun. An ech fannen, dass dat eise Land an och eiser Uni guttdeet, wann et och an esou technesche Beräicher méi zu Mastere kënnt. An ech mengen och, dass déi zukünfteg Doktorande jo och da wäerten ouni allze vill Problemer eng gutt Affektatioun fannen, a sief et dann herno beim ILNAS.

Wéi gesot, merci nach eng Kéier an den Accord vu menger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol wëll ech der Rapportrice, dem Francine Closener, Merci soe fir hire

ganz ausféierleche schréftlechen a mündleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet.

D'Wichtigkeet vun dësem Projet de loi ass scho vun der Rapportrice ervirgestrach ginn. An ech begrëssen, datt dësen Text, deen an éischter Linn dräi europäesch Reglementer ëmsetzt, dem ILNAS erméiglecht, seng Missiounen an Zukunft méi effikass ëmzesetzen. Engersäits prezisiéiert dëse Gesetzesprojet nämlech d'Tâchen, déi den ILNAS haut schonn am Alldag praktizéiert, an andersäits schafft en eng legal Basis fir déi nei Kompetenzen, déi den ILNAS zougedeele kritt, fir den EU-Reglementer Rechnung ze droen.

Ënner anere kritt den Institut an Zukunft d'Méiglechkeet, de Gebrauch vun net konformen Outilen ze bestrofen. An deem Kader gëtt eng ganz Rëtsch vu Gesetzesartikelen ëmgeännert an abrogéiert, sou datt et immens wichteg ass, déi concernéiert Acteuren iwwert dës Reform ze informéieren. Schliesslech schwätze mer hei vu Gesetzter, déi zum Deel scho säit Joerzéngten hei zu Lëtzebuerg applizéiert ginn an déi héich technesch Sujete betreffen. Ech wëlt dofir op dëser Plaz en Appell un déi zoustänneg Instanze richten a si dorëms bieden, eng Informatiounscampagne fir de betrouffene Public ze lancéieren.

Allgemeng ass sech doriwwer gefreet ginn, datt den ILNAS a seng Kompetenze gestärkt gëtt an datt déi dräi Gesetzter, déi am Kader vun dësem Gesetzesprojet modifizéiert ginn, ënnereneen ofgestëmmt ginn.

D'Chambre de Commerce huet sech just méi Prezisiounen gewënscht, wéi mer dat scho gehéiert hunn, wat déi nei Sanktiounen betrëfft, déi den ILNAS kann ausschützen. Och de maximale Betrag vun den Amendes hätt hirer Meinung no misse reduzéiert ginn. Als Legislatuer mussen mir natierlech hei ëmmer dee richteg Grad tëschen dem Caractère dissuasif an der Proportionalitéit vun enger Strof fannen an dofir begrëssen mer den Text, esou wéi en an der Kommission zréckbehalen ginn ass.

Am Numm vu menger Fraktioun kann ech hei ouni Bedenken den Accord ginn zu dësem Projet de loi an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Arendt. Da wier et un där honorabeler Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Stellt Iech just fir ee Moment vir, jiddwer Eenzelnen hätt seng eegen Aart a Weis, d'Zäit, d'Distanz oder d'Vitess ze moossen. D'Resultat wier do duerch natierlech en Duerjernee sonnergläichen an d'subjektivt Empfänger geif souguer derfir suergen, datt jiddereen deen aneren ëmmer ganz aneschtens geif verstoen. Fir deen ee wieren zum Beispill 110 km/h op der Autobunn ze séier a fir deen aneren 130 ze lues.

Mir sinn also drop ugewisen, déi selwecht rational noprëifbar Gréissten ze notzen an dës och kënnen ze kontrolléieren. Dat kléngt vläicht no enger Evidenz, mee et ass kloer, datt dës eng Voraussetzung ass, fir datt eis Gesellschaft kann zesumme fonctionéieren.

Et gouf vun der Rapportrice schonn ugeschwat: Niewent der sougenannter Metrologie huet den ILNAS och nach eng wichteg Kontrollfonctioun a puncto Akkreditéierung, Normaliséierung an Zertifizéierung, an dat alles am Sënn vum Schutz vun de Konsumentinnen a Konsumenten a vun der Sécherheet.

Den ILNAS kritt duerch dës Gesetz weider Kompetenzen zougeschriwwen. Verschidden Onkloerheete sinn

op deem Wee opgehuewe ginn a weiderer si besser definéiert ginn. Esou kann den ILNAS nei Responsabilitéiten u sech fir seng Aufgaben ophuelen.

Mir begrëssen ausdrécklech déi zwee iwwergeuerdent Ziler vun dësem Gesetz, engersäits also d'Definitivitéit vun engem besseren a méi konkreete Kader vu senger Missiounen an Aufgaben, an andersäits gëtt dës Projet de loi dem ILNAS nei spezifesch Kompetenzen, fir verschidden europäesch Gesetzter och kënnen anzehalen.

Duerch méi e kloer Kader ginn och d'Rechtssécherheet an d'Untersuchungs- a Sanktiounskompetenze gestärkt. Den ILNAS kritt och d'Méiglechkeet, Sanktiounen auszedeelen, wann de Gebrauch vun net konformen Tools applizéiert gëtt.

E weidere wichteg Punkt vum Gesetz ass natierlech d'Transpositioun vun dräi verschiddenen EU-Direktiven – wuel wëssend, datt se scho virun ugeschwat an erkläert gi sinn –: d'Maartiwierwaachung an d'Konformitéit vun de Produiten, d'Stärkung vun der Iwwerwaachung an de Schutz vun der Gesondheet a Sécherheet vun de Produiten an zu gudder Lescht d'Ophiewe vun onberechtigten Barriären fir den Handel an der EU an zwëschen EU-Memberlänner.

Mat dësem Gesetz stärke mir de Rôle vun dem ILNAS an domadder och de Schutz vun de Konsumentinnen a Konsumenten.

Ier ech den Accord ginn, soen ech natierlech e ganz grouse Merci fir de schréftlechen, awer och fir de mündleche Rapport un d'Rapportrice, d'Madamm Francine Closener, a ginn an deem Sënn och den Accord vu menger grénger Fraktioun domadder.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Ahmedova. A wann den Här Roy Reding hei wier, kréich hien d'Wuert. Mee en ass net hei, duerfir ginn ech dem Här Kartheiser d'Wuert.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech ginn Äer Gefiller un den Här Reding weider an ech soen Iech Merci.

(Hilarité)

Merçi och un Iech, Här President. An ech wollt dann och ufänke mat engem grouse Merci un d'Madamm Closener. Ech mengen, hire Rapport war komplett. Hei sinn e puer Punkten ënnerstrach ginn. Dat eent ass eeben d'Wichtigkeet vun der Aarbecht vun dem ILNAS. Dat Zweet ass d'Wichtigkeet vun enger juristischer Klarifizéierung vun deene Kompetenzen, déi en huet, wéi och eebe vun neie Kompetenzen.

Ech mengen, dat doten ass en Dossier, dee mer am Interessi vum Konsumenteschutz permanent wäerte weiderentwéckelen iwwert déi nächst Joren, well mer jo och ëmmer mat neien Erausforderungen konfrontéiert sinn. An ech mengen och, datt ee juristesch muss op dat oppassen, wat den Här Arendt beschriwwen hat. Dat ass nämlech déi Proportionalitéit vun de Sanktiounen. Dat ass eng rechtsstaatlech wichteg Consideratioun, déi niewent dem Konsumenteschutz natierlech muss am Zentrum vun eiser Opmierksamkeet stoen.

Dat gesot, wäert d'ADR dat heite selbstverständlech matdroen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, als Éischt emol e grouse

Merci un d'Rapportrice Francine Closener fir den ausféierleche mündlechen a schréftleche Rapport.

Wéi si et scho gesot huet, soll mat dësem Text den ILNAS moderniséiert ginn. Et geet hei ëm Reformen, déi op EU-Niveau decidéiert goufen an déi sollen nei Kompetenzen un eisen ILNAS bréngen. Wann een dann nach héiert, datt Gesetzter aus dem 19. Joerhonnert an aus dem Ufank vum 20. Joerhonnert abrogéiert ginn, da weist dat, datt dat definitiv eppes war, wat vläicht iwwerfällg war. Vläch waren déi Gesetzter och deemools esou gutt geschriwwen, datt een ni huet eppes missen drun änneren. Mee ech mengen ganz, datt et hei sënnvoll ass, nei, jo, méi modern Gesetzter ze stëmmen.

En Deel vun de Kompetenzen, déi – an dann, op europäeschem Plang heesche se net ILNAS, mee d'INAsen – solle kréien, huet en am Praktesche jo schonn. Dofir gëtt et elo just Zäit, datt mer dat dann och am Gesetz maachen, u sech d'Gesetz deem upassen, wat et um Terrain gëtt. Normalerweis mussen mer den Terrain un d'Gesetz upassen. Hei war et emol eng Kéier ëmgedréint. Hei ass et eppes ginn, wat schonn um Terrain gemaach gouf, wou d'Gesetz einfach nach hannendrugehippt ass.

Mir Piraten begrëssen an deem Sënn d'Upassung, wat d'Strofen an d'investigativ Pouvoire vum ILNAS ugeet. Grad bei Produiten, déi hei zu Lëtzebuerg verkaaft ginn, ass et immens wichteg, datt mer effektiv Kontrollen hunn. Dës virun allem, wa mer vu Produite schwätzen, mat deene Kanner a Kontakt kommen.

An den USA stierwe schätzungsweis all Woch zwee Kanner weinst falende Miwwelen – also ëmfalende Miwwelen, muss ee soen. A leider net nëmmen do. Dës ass e grouse Risiko weltwäit, well vill Leit hir Schief net un der Mauer festmaachen, och wann et esou an den Handbicher vum Opbaue steet. Virun allem eng Kommoud, duerch e schweedeschen Hiersteller, ass da schonn oft an den Norichte gewiescht, wou Kanner verletzt goufen oder gestuerwe sinn, well se an Tiräng geklomme sinn. Dofir sinn ëmmer méi staark Kontrollen a méi staark Warnhinweiser och un déi Leit, déi se opbauen, immens wichteg. Si schützen nämlech net nëmmen eis Gesondheet, mee kënnen ënner Ëmstänn esouguer Liewe retten.

Dat géllt net nëmme fir Produiten, déi een iwwer Internet ka bestellen oder selwer opbaut, mee och fir Saachen, déi ee fäerdeg hei an de Butteker keeft. Vill Konsumentinnen a Konsumente si sech däre net bewusst. An dofir brauch et eebe grad eng staark Kontrollinstanz, déi d'Leit virun esou Saache schützt.

Dofir, Här President, ënnerstëtze mir Piraten dës Gesetzesprojet, well och Lëtzebuerg brauch esou eng staark Kontrollinstanz. D'Piraten sinn der Meinung, datt duerch dës weider nei Pouvoiren den ILNAS nach besser ka schaffen. An dofir wäerte mir dës Projet matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Och merci der Rapportrice Francine Closener fir hire ganz gudden Rapport, dee ganz komplett ass. An och merci den Deputéierten fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.



Et ass effektiv esou, dass mat dësem Projet den ILNAS engersäits moderniséiert gëtt, anerersäits awer och seng Kompetenzen insbesonnesch duerch verschiden europäesch Reglementer méi breet gemaach kritt. Dem ILNAS seng Kompetenze sinn an deene leschte Jore kontinuierlech erweidert ginn, insbesonnesch op Basis vun, wéi gesot, dem europäesche Recht, awer och, well den ILNAS sech als eng zuverlässeg a mëttlerweile ISO-zertifizéiert Administratioun bewäert huet.

Et ass och esou, dass den ILNAS wäert an deenen nächste Méint eng Informatiounscampagne lancéieren, fir och méi breet dobausse bekannt ze maachen, wat en alles esou mécht, an och fir dat, wéi gesot, besser ze kommunizéieren. Dofir nach eng Kéier och dem ILNAS op dëser Plaz e grouse Merci fir déi exzellente Aarbecht, déi e mécht.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7767. Den Text steet am Document parlementaire 7767<sup>10</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7767 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **8. 8102 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides sous forme de garanties en faveur de l'économie luxembourgeoise à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8102 iwwert d'Afféiere vu Bähillele fir d'Wirtschaft a Form vu Garantien am Kader vun der russescher Aggressioun op d'Ukrain. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »**

**M. André Bauler (DP)**, rapporteur | Merci, Här Président. Hei huet ee säi Bic leie gelooss. D'Situatioun um Energiemarché huet sech leider nach net entspaant. De Krich an der Ukrain an déi domadder verbonne Sanktiounen géintwuer Russland ginn nach ëmmer weider. Dat suergt derfir, dass d'Betriben, virop déi mat engem héije Bedarf un Energie, weiderhi mat Präisstéigerunge beim Gas a beim Strom ze kämpfen hunn.

Aus dësem Grond solle mer haut de Projet de loi 8102 stëmmen, deen d'Hëllefsmoossname verlängert, déi mir am Juli dëst Joer en place gesat hunn. Dës Moossnamen aus dem Solidaritéitspak sollen och weiderhin d'Auswierkunge vum Ukrainkrich minimiséieren, andeems mer d'Betriben entlaaschten an esou virun allem och Aarbechtsplaze schützen.

Ganz konkret verlängere mer ëm ee Joer, also bis den 31. Dezember 2023, d'Garantië vum Staat, déi sécherstellen, dass Betriben mat engem héije Bedarf un Energie och weiderhi Prête vu Banken accordéiert kréien an esou ëmmer iwwert déi néideg Liquiditéite verfügen.

An deem Kontext sief nach Folgendes preziséiert: De maximale Betrag, de maximale Montant vun de Prëten, déi eligibel sinn, fir d'Staatsgarantie ze kréien, beleef sech op entweeder 15 % vum järeleche gesamten Duerchschnittssëmsaz, Duerchschnitts-Chiffre d'affaires, dee vun den Entreprisë verwierklecht ginn ass während den dräi leschten Exercicen, déi ofgeschloss sinn, oder op 50 % vun den Energiekäschte vun der Entreprise während den zwielef Méint, déi de Mount precedéieren, während deem d'Notifikatioun un d'Staatskeess, also un d'Trésorerie de l'État, adresséiert ginn ass, dat an Ausféierung vum Artikel 4 Paragraph 1. Dat just als Prezisioun.

Eng weider Upassung, déi mer virhuelen, betrëfft d'Gas- an d'Stroumliwweranten. Well si hiren Akaf vu Strom a Gas virfinanzéiere mussen, si si vun de Präishaussen a besonneschem Ausmooss betraff.

Et ass ganz einfach esou, dass de Montant vun der Staatsgarantie, deen deemools festgeluecht gouf, fir d'Gas- a Stroumfournisseuren net duergeet. Si mussen nämlech net just den Akafspräis am Virus bezuelen, nee, si mussen deels souguer sougenannt Cashgarantië liwweren. Dës Cashgarantië ginn am franséischen technesche Wording och nach „appels de marge“ genannt. Fir den Detail verweisen ech do awer op mäi schrëftleche Bericht.

De Staatsrot huet a sengem Avis eng Textpropos gemaach, dass fir ze preziséieren, dass dës Erhéijung vun der Garantie proportionell muss sinn. D'Garantie sollen also ausschliesslech d'Prëten decken. Mir sinn der Propos vum Staatsrot natierlech nokomm.

Ech wëll dann awer och nach betounen, dass d'Verlängerung vun dëser Staatsgarantie kee weidere finanziellen Impakt op d'Staatskeess wäert hunn. D'Limitt vun de 500 Milliounen Euro, déi scho beim leschte Gesetzesprojet definéiert gouf, bleift weiderhi bestoen. Dat kann een an der Fiche financière, déi bei dësem Projet de loi derbäiläit, noliesen.

Här President, léif alleguer, zum Zäitpunkt, wéi dës Rapport an der Kommissioun diskutéiert gouf an och, wéi de Rapport en tant que tel – de Rapport – gestëmmt

gouf, louche keng weider Avis vir ausser deem vum Staatsrot. Trotzdeem wëll ech op dëser Plaz kuerz op d'Avis vum der Chambre des Salariés a vun der Chambre de Commerce agoen.

D'Salariatskummer huet, wéi se dat och schonn d'leschte Kéier gemaach huet, ënnerstrach, dass si sech sozial Bedéngungen am Text gewënscht hätt souwéi eng änlech Hëllef fir d'Stéit, déi och vun de Präishaussé bei Strom a Gas betraff sinn. Trotzdeem erkenne si un, dass d'Staatsgarantien eng geziilt Hëllef duerstellen, déi den negativen Impakt op d'Aarbechtsplaze reduzéiert.

D'Handelskummer fir hir Säit begréisst d'Verlängerung vun dësen Hëllefsmoossnamen an och déi besser Marge de manoeuvre fir d'Fournisseure vu Gas a Strom. D'Handelskummer widderhëlt an hirem Avis awer och, dass d'Formule vu Betriben a Schwierigkeiten, dass déi Formule weiderhin net kloer genuch definéiert wier.

Am grouse Ganzen ass dëst, denken ech, e gudde Gesetzesprojet, deen eise Betriben déi Ënnerstëtzung zoukomme léisst, déi si brauchen, fir hiren Aktivitéiten an dësen dach awer exceptionellen, jo, schwéieren Zäite weiderhin nogoen ze kënnen. Andeems mer hinne mat dësem Text a virun allem mat dësen Hëllef, déi méiglech sinn, eng besser Planungssecherheet, eng besser Previsibilitéit bei der Finanzéierung vun den Energiekäschte ginn, schütze mer gläichzäiteg d'Aarbechtsplaze vun de schaffende Leit.

Ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech natierlech och Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### **Discussion générale**

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci, Här President. Ufänke wëll ech och mat engem ganz grouse Merci un eise Président-rapporteur fir dee klaren Exposé, deen en eis nach eng Kéier iwwert déi Hëllef do gemaach huet. En huet eis och nach eng Kéier op d'Wichtigkeet opmierksam gemaach. Mir wäerte bien entendu och dës Projet stëmmen.

Ech soen awer dat, wat ech schonn e puermol hei gesot hunn: Ech sinn elo net der Meenung, dass déi Staatsgarantië wierklech dat effizientst an effikassst Mëttel si fir eis Entrepreneuren an dësen Zäiten. An dat gëtt elo menger Meenung no nach méi evident an Zäiten, wou d'Zënse staark wäerten an d'Luucht goen.

Wéi mer déi éischte Kéier ënnert dem Covid déi Staatsgarantië gestëmmt hunn, du waren d'Zënse extreem niddreg. Elo si se scho ganz héich. An ech ka mer besonnesch och virstellen, dass fir esou kuerzfristeg Iwwergangskreditte déi Konditiounen och elo vun de Banken net méi esou attraktiv wäerte sinn. An da kënn eng Fro, déi ech nach allkéiers och hei gestallt hunn. Do kënn jo da bei déi normal Zënse och nach eng Kommissioun derbäi fir déi Staatsgarantie, soudatt de Käschtepunkt awer scho relativ héich wäert ginn.

An et géif mech och elo vläicht eng Kéier interesséieren, net haut, mee vläicht eng Kéier an e puer Méint, wann dee Gesetzesprojet och applikabel ass, ze héieren, ob et wierklech nach vill Entreprisë gëtt, déi ënnert deenen erschwéierte Bedéngungen do trotzdeem vun deene Staatsgarantië wëlle profitéieren.